LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Travail

**Réponse du Ministre du Travail à la question parlementaire N°676 de Monsieur le Député Sven CLEMENT**

**Fro N°1 : Wat sinn déi momentan Delaie fir d'Beaarbechtung vun engem Recours bei der Commission spéciale de réexamen vun der ADEM? Ass de Minister der Meenung, datt dësen Delai zefriddestellend ass?**

D'Delaie sinn fir déi éischt 3 Méint vun dësem Joer 86 Deeg tëscht der Rezeptioun vum Recours an der Notifikatioun vun der Decisioun.

An der nämlechter Period an de Joeren 2021, 2022 an 2023 loung dësen Delai bei jeweils 147, 156 an 116 Deeg. D'Tendenz weist also däitlech no ënnen an dat obwuel an deem nämlechten Zäitraum, also déi éischt 3 Méint vun de Joeren 2021, 2022, 2023 an 2024 d'Unzuel vun de Recoursen staark an d'Luucht gaangen ass: vun 366 Recoursen iwwert 380 an 458 op elo 646 Recoursen.

Obwuel d'Tendenz also kloer an déi richteg Richtung weist, ass een nach nët do ukomm, wou d'Kommissioun hiwëll: nämlech bei 60 Deeg, wat e realisteschen a vertrietbaren Delai ass.

**Fro N°2 : Trëfft sech d'Commissioun mëttlerweil méi oft wéi 1 bis 2 mol am Mount?**

D'Kommissioun trëfft sech entretemps am Prinzip 3 mol de Mount.

**Fro N°3 : Wéi laang dauert et momentan tëscht der getraffener Decisioun an der Notifikatioun vun der Decisioun un déi Betraffen?**

Deen Delai läit am Moment bei 43 Deeg fir déi éischt 3 Méint vun dësem Joer. Fir déi nämlecht Period 2021, 2022 an 2023 war deen Delai bei 74, 43 an 48 Deeg.

**Fro N°4 : Wéi vill Leit si säit Januar 2021 am Sekretariat vum CSR agestallt ginn? Wéi vill Leit hunn d'Sekretariat an der Zäit verlooss? Wat ass de momentanen Effektiv?**

Am Moment schaffen 9 Agenten (7,6 ÉTP) am Sekretariat vun dëser Kommissioun.

Zanter Januar 2021 sinn 3 Agenten bäikomm (2,75 ÉTP).

Zousäzlech wäert d'Sekretariat e Renfort vun 1 ÉTP (Jurist) kréien.

Luxembourg, le 13 mai 2024

**(s.) Georges MISCHO**
**Ministre du Travail**